# Escher Bëschklassen

Am Kader vun engem Projet, deen an der Escher Brillschoul entstanen ass, proposéiert d'Escher Gemeng säit 2021/2022 4 Bëschklassen. All Klass huet ee Schoulsall am Gebai bei «de Muermeldéieren» am Quartier Hiehl. Dëse Sall gëtt moies fir den Accueil genotzt a gëllt als Réckzuch wann d'Wieder eng Sortie an de Bësch net zouléist. Säit der Rentrée 2022/2023 funktionéieren am Cycle 1 dräi gemëschte Klassen (25% Précoce a 75% Préscolaire) an am Cycle 2 gëtt et eng gemëschte Klass (Cycle 2.1. an 2.2.).

Méi detailléiert Informatiounen kritt dir wärend enger Porte-ouverte a wärend engem individuelle Gespréich.

**Horaire vun de Bëschklassen aus dem Cycle 1:**

| Méinden | Dënschden | Mëttwoch | Donneschden | Freiden |
|---|---|---|---|---|
| 8.00-13.00 | 8.00-13.00 | 8.00-13.00 | 8.00-13.00 | 8.00-13.00 |

**Horaire vun de Bëschklassen aus dem Cycle 2 :**

| Méinden | Dënschden | Mëttwoch | Donneschden | Freiden |
|---|---|---|---|---|
| 8.00-13.00 | 8.00-13.00 | 8.00-13.00<br>an vun<br>14.00-16.00 | 8.00-13.00 | 8.00-13.00 |

**Léieren an der Natur**

D'Léieren an der Natur bitt ganz vill Virdeeler !
An de Bëschklassen fannen d'Léierprozesser iwwert e laangen Zäitraum dobaussen statt, wat de Virdeel huet, dass d'Kanner sech vill beweege kënnen an hier motoresch Fäegkeeten ganz natierlech geschoult ginn. D'Natur ass omnipresent an d'Léieren ass ganz ob d'Kand zentréiert. Deen natierleche Kontext ass ee groussen Deel vum pedagogeschen Programm. An dësem Kontext léiert d'Kand mat a vun der Natur! Déi fënnef Sënner gi geschäerft ; d'Kand fillt, richt, schmaacht, héiert an observéiert d'Natur an hirem natierlechen Kreeslaf! Ganz wéi an enger regulärer Klass léieren d'Kanner déi selwecht Inhalter, mä dëst an engem aneren Kontext.
Den Afloss deen d'Natur ob déi physesch a psychesch Gesondheet vum Mënsch a vum Kand huet gouf mëttlerweil a villen wëssenschaftlechen Studien beluecht!

**Nëtzlech Adressen**

Schoulservice, B.P. 145, L–4002 Esch-sur-Alzette
Brillschoul, 1, place de la résistance L-4041 Esch-sur-Alzette
Gebai "bei de Muermeldéieren", rue Jean-Pierre Bausch L-4023